N°2553
Entrée le 14.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

Direction de la défense

**Äntwert vun der Verdeedegungsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 2553 vum 2. Juli 2025 vum Här Deputéierten Marc Goergen.**

***Fro 1: Wäert d'Lëtzebuerg sech op EU-Niveau dofir asetzen, dass dës Waffeliwwerunge kompenséiert ginn?***

***Fro 2: Wäert Lëtzebuerg zousätzlech Ustrengungen ënnerhuelen, fir ze hëllefen dës Waffeliwwerungen ze kompenséieren?***

Zu de Froen 1 an 2:

D'Lëtzebuerger Regierung huet am Mee 2025 decidéiert fir dëst Joer 120 Milliounen Euro fir d'militäresch Ënnerstëtzung vun der Ukrain auszeginn, wat 40 Millioune méi si wéi am Ufank vum Joer virgesi waren. D'Verdeedegung vum euro-atlantesche Raum fänkt an der Ukrain un, an dofir ass a bleift d'militäresch Ënnerstëtzung vun der Ukrain eng Prioritéit vun der Lëtzebuerger Defensepolitik, dëst ëmmer op Basis vun der Situatioun an der Ukrain.

Lëtzebuerg setzt sech och aktiv fir d'Hëllef un d'Ukrain op EU- an NATO-Niveau an.

Lëtzebuerg, den 14. Juli 2025.

D' Verdeedegungsministesch

(s.) Yuriko Backes